N°8386
Entrée le 19.10.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.10.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/10/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Cultes & Justiz weiderzeleeden.**

ASBLen a Fondatiounen, déi Ierfschaften oder Schenkungen iwwer 30.000 Euro erhalen, musse beim Justizminister eng Geneemegung ufroen, fir dës Suen dierfen unzehuelen.

Am Artikel 10 vun der Konventioun tëscht dem Lëtzebuerger Staat an de reliéise Communautéiten heescht et: "Chaque organe représentatif de la communauté religieuse concernée pourra, sous sa responsabilité, créer une fondation d'utilité publique à autoriser par le Ministre de la Justice."

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Hunn all d'konventionéiert Reliounsgemeinschaften am Land sech dofir entscheet, eng Fondatioun ze ginn?

   Falls net: Wéi ënnerscheet sech de Statut vun de verschiddene Reliounsgemeinschaften?

   Wéi eng Alternativen zur Form vun der Fondatioun wiere fir d'Reliounsgemeinschafte méiglech?

2. Wéi laang dauert et an der Moyenne, bis de Justizministère eng agereeschten Demande fir eng Schenkung oder Iewschaft iwwer 30.000 Euro un eng Reliounsgemeinschaft autoriséiert oder oofleent?

   Falls dës Informatioun net bekannt ass: Wéi laang dauert et an der Moyenne, bis de Justizministère eng agereechten Demande fir eng Schenkung oder Ierfschaft iwwer 30.000 Euro un eng Fondatioun autoriséiert oder ofleent?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten